

6 0000
0000
0 0 0 0
û r W i r s c h t e c h e r .

=====

Kome'di an engem Akt v.M.G.

Perso'nen:

Mme.Melanie Zemes
Bertha } hir Diéchter
Jeanne }
D'Tatta Phillipinn
D'Tatta Euphrosine
D'Boutschefinn, Nôpesch

D'Steck spillt an engem Zommer.

1. Szén. Zemes eleng

Zemes (ass um raumen): 't ass dach onerhe'ert! Wann ech nômme we'sst wo' de' 2 eso' läng bleiwen. E Boquet ass dach se'er gepleckt! Do brauch én dach keng geschloe Stonn derfir. - Ech soe jo, ech soe jo! - - Ah ech mengen elo ke'men se. - Oder soll et vleicht de Weinhändler sin. ('t klappt) Entrez!

2. Szén Zemes, Boutschefinn.

Finn (kônn't eran, huet de Commissio'nekurf an der Hand): Gudde Môtte Mme. Zemes.

Zemes: Ah dir sit et, Mme. Boutsch, wat get dann neis?

Finn: Jo, wôsst der, ech wôll iéich net läng ophâlen. Ech war elo grad beim Picier, fir e pur Kornischongen ze kâfen, Mei Mann, den Bouschejak, dé ôsst d'Kornischongen eso' gèr.

Zemes: Wât dir net sôt!

Finn: Mâ gewass, an denkt iéich emol un. - We' ech elo grad vum Picier komm sin, wién denkt dir wuel wién ech do gesinn hun? Herrje! ech getraue bal gur net fir et ze soen.

Zemes: Dir sit dach soss net eso' verléen, - da muss et dach schon allerhand sin.

Finn: Dât ass et och! Da lauschtert. We' ech elo durch de Kirchepûd gin, do stét iéich jo do ert Bertha an ert Jeanne, jidderént mat engem decke Bouquet am Arm, ze râtschen. - An elo froen ech mech: wât hun eso jonk Médercher ze râtschen. - Secher dach nômme vun de Jongen. - Bei Lehmanns hiren 2 Aafen hun se gestânen. - Dât si mir och de' 2 richteger. Dât ént vun hinnen hât sâdden Huesen un, eso' en ho'fregen Aaf!! - An och wâsch vernis Schong. - Kônn't dir iéich dât virstellen, Mme. Zemes?? An dât ânert hât en Hutt eso' gro'ss we' e Plo'rad. Dén Hutt gét dem we' dem Ochs de Korseli. - A garne'ert hât et den Hutt mat Feierblummen a Millebutzen. - Watt sin dach emol hautde dags fir Mo' den op der Welt. Geschwôn huet et den Hutt mat Melo'ne garne'ert, an dann dauert et net me' läng, da kônn't ganz Durf mat Kalibassen o'm Kapp spaze'ert.

Zemes: Domat huet dir recht!

Finn: Gelt dir, an net wo'er, Recht hun ech ômmer. Mat Boutschejak, mengem Mann, hât ech schon daks de gre'sste Kome'di. Dé wollt och emol Recht hun. Ower dât get et net bei mir, dem Boutschefinn. - (vertraulech) - An teschend eis zwé gesôt, wann dir gèren iwer eppes Beschéd wôsse wôllt, da braucht dir mech nômme ze frôen. Boutschejak sèt ômmer zo' mir: Du bass eng liéweg Zeidong. Ower wôsst dir, mein Âlen, dén därf nômmen all Schaltjahr eppes soen, an dann därf et nach neischt ze bedeiten hun.

Zemes: Wât dir net alles sôt! Da verziélt emol weider!

Finn: Ass dât iéich nach net genug? - Wann ech der zwé hätt we' dir de' dârfen mir net mat dénen ânere 2 Aafen ze rullen. Sâdden Huesen, an e Ko'p Krauselen ônnert an iwert dem Hutt eraus baumelen hun. - Mâ dât si mir de' richtig!!

Zemes: Allez dach! Do ass dach neischt derbei!

Finn: Ass do neischt derbei? Dir wêrdt gesin, er Médercher gin der nach grad we' Lehmanns hir. - Sage mir mit wem du umgehst u. ich sage dir wer du bist! - Fir wât si vill Médercher hautde dags eso' schlecht. Well hir Eltren ômmer Partei fir sie ergreifen, an hinnen ômmer Recht gin.

Zemes: Fir meng Kanner hun ech keng Angscht!

Finn: Dât si jo érer Sâchen. Ech hun iéich jo lèschten Enns keng Vierschrôfften ze mâchen. Awer ech hun iéich et elo gesôt, datt di wôsst wo' dir dru sit. - Ah, elo hât ech jo bâl vergiess: We' ech elo grad beim Metzler war, ko'm Fierkelskätt eran. An huet 6. Pur Wirschtegher kâft. Dât gét mir net a meng Schierbel er

Dät le'sst mir keng Ro'h.- Ech muss dät eraus kre'en, soss kann ech hönt namol net schlöfen. Nu so mir dach blo's, firwät huet Fierkelskätt de' 6 Pur Wirschecher käft?

3. Szén Vireg, Bertha, Jeanne (Kommen eran)

Berta: Hei si mir.

Zemes: Mä dir huet awer och Zeit genug gebraucht, fir de' pur Blumen ze plecken. An datt dir et wösst, eng äner Ke'er huet dir gleich hém ze kommen, an net önnerrwé stönneläng ze kläpen.

Bertha: 't göt dër nach me', de' äner Sächen ze dun hätten, we' stönneläng ze kläpen. An de' dach de ganzen Däg soss neischt mächen we' rätschen.

Jeanne: Ech hätt elo gèr eppes gesöt, awer ech warden nach e we'neg dermat.

Finn: Ah, wann ech et net he'eren därf, da gin ech alt. (of)

Bertha: Ma dir dit wuel, ech ge'f et och eso' mächen.

4. Szén Vireg o'hni Finn

Jeanne: Ma he'er emol Mammi, ech hun dir schon eso' daks gesöt, du solls dech dach net mat dem Boutschefinn ophälen. Mäch dach de Rédel an, wanns de se komme geseis. Awer du wölls jo net he'eren. Sie zitt dech jo dach bei dénen äner Leiden durch hir knaschteg Maul.

Bertha: 't sollt én d'Finn mat sengen Hunnebén huelen, d'önnesch an d'iéwescht dre'hen, an et eso' läng mam Kapp op de Buedem tucken bis et ké Krésch me' de't. - Ech si schon namol sät bis dohin fir haut.

Zemes: Allez, allez, réft iéch dach net op Kanner.

Jeanne: Boutschefinn ass dër eng de' nömme Streit a Butek an d'Familge brengt. An de' muss s'emol richtig gestoppt kre'en.

Bertha: Ja, ja, "Es kann der Frömste nicht in Frieden leben, wenn es dem bösen Nachbar nicht gefällt."

Zemes: Jé, ro'eg domat, du kanns jo dach net dichten. Raum emol hei op. An du Jeanne, gés an d'Stuff, a stöps e we'neg of, datt én net brauch mat de Fangeren op d'Miwel ze schreiwen. Bertha, an du kucks no'm Möttegiessen.

Bertha: Wann d'Boutsch emol stürwt, da musse mir hir d'Maul nach extra do'tschloen.

Zemes: Wölls de wuel stöll sin!

Bertha: Abé kuck, ech wir elo net stöll, a wann ech de Kapp mat engem Beilen erof geschloe kre'g. (Bertha an Jeanne gin öf)

Zemes: Wat huet én dach e Misère mat déne Knetzelen. D'iéscht Wurt müssen se ömmer hun. Nujé, sie sin halt e we'neg d'önnesch an d'iéwescht, well hir Freieren haut komme sollen. - Ech gesin et scho kommen, op émol sin se hei an de Weinhändler ass nach net passe'ert.

5 Szén, Zemes, Finn

an(könnst an engem Eifer, o'ni ze klappen eran): Wat mengt dir wuel wat et heim Hondsmärri zu Mötteg get?

Zemes: Hondsmärri, wién ass dann dät? Mengt dir vleicht d'Mme. Hundshäusen, de' ere'scht frösch hei agezugen ass?

Finn: Jo, 't ass de'. Ech soen awer net Mme. Hundshäusen, mä einfach Hondsmärri. Jo, mä wät mengt dir wat et bei dër zu Mötteg get. Ech froe mech, we'x én nömme eso' e Gefre'ss zesummebraddele kann. Denkt iéch emol un. De' huet fir haut de Mötteg: Bismarkshierken mat Schokolassauce gemach. Huet dir durfir nach Wirder? Jo, a göschter hat sie Sauermo'ss mat Quetschekraut.

Zemes: A we' kann én dann eso' eppes kachen!

Finn: Jo gelt dir an net wo'er. - Mä wann ech elo sälwer we'sst wät ech kache sollt. E Ve'erel op Zwiélef könnst de Boutschek hém, an elo ass et der élef an drei ve'erel. An ech hun nach neischt opstoen fir ze kachen.

Zemes: Ma da kacht him dach Makaronien.

Finn: Hié krüt nach d' ganz Woch weider neischt. Wat wërdt hié wudder wann hién Max haut erem Makaronien kritt. Ech kann awer neischt änescht kachen - ech hu keng Zeit. - - Herjeminé, elo fällt mir jo grad an, datt ech ké Schweitzerke'ss me' hun, a mein Älen össt keng Makaronien wan ké Schweitzerke'ss derbei ass. - Söt Mme. Zemes, könnst dir mir net eso' e we'neg Schweitzerke'ss lé'hnen, ech brengen iéch en den l. erem.

Zemes (riff): Bertha!

Bertha (hannert der Bshn): Ja Mammi!

Zemes: Breng der Mme. Boutsch e Steck Schweitzerke'ss.

Bertha (we' uewen): Sie soll sech es káfé goen.

Zemes:Hues de he'eren wät ech gesôt hun?

Bertha:Jo!

Finn:Dät ass alt eso' eng Sâch mat d'er Kacherei, geliert! an dobei soen d'Mansleit nach, d'Fraleit, ge'fen neischt schaffen. (Berta bringt de Ke's) 't d'et mir jo selwer led matt ech dem Hr. Boutsch eröm Makaronie kache muss. Mä watt wöll ech änescht mâchen. Ech hun zevill Arbecht, ech gin net f'erdeg. Jo, geldir an net wo'er, bis én iwerall dénen äner Leiden ausgeholl'f huet.

Bertha:an se durchgehächelt huet.

Finn:Oh, Pardon!

Zemes:Bertha, ge'h an d'Kichen, a pass op d'Zopp op, datt se net ~~waxaxx~~ ubrennt. (Bertha of)

Finn:Dät ass awer allerhand, wat ert Bertha sech elo erlabt huet.

Zemes:Oh, eso' schlömm war et nun dach net. D'Berta ass nach jonk, hat mengt et net eso' schlömm. An zu gudder léscht huet et och net ganz Onrecht.

Finn(Be'ss):Ah eso!' 't ass gutt datt ech dät wés. Dir get èren neischnotzege Médercher namol Recht. Dir wêrdt scho gesin we' weit dir domat kommt. - Ech gin. An dir gesitt mech eso' bäl net me' elei. Nie me'! Nie Me'!! - Eso' e frecht Gesicht - Wann ech dach blo's we'sst, fir wät d'Firkelskätt de' 6 Pur Wirschtecher kâft huet? Dät wöllt mir net a mei Kapp! (of)

6. Szén, Zemes, Bertha, Jeanne

Zemes:'t sollt én et net fir me'glech hâlen, datt eso' Mönche get. Zerbrecht de' sech de Kapp went 6 Pur Wirschtecher! (riff) Bertha! Jeanne! (de' zwé komme vu lenks a riéchts): Hei, macht de' Blummen an d'Vasen, a lôsst se net eso' hei om Dösch tröllén. Ech kucken nom Möttegiessen. (of)

Bertha:D'Zeit get mir eso' lîng bis e könnt!

Jeanne:Ä mir ere'scht!

Bertha: 't muss dach öm de' Zeit sin?

Jeanne: 't muss dach bäl un der Zeit sin!

Bertha:Ech de't mengen sie sollte schon hei sin!

Jeanne:Ech lo'g bis elo nach bestänneg un der Fönster, ower ech hun nach kén vun hinne gesin kommen.

Bertha:D'Zeit vergét haut net eso' se'er we' soss.

Jeanne:Oh, we' mein Herz bommelt! (Zemes könt eran)

Zemes:Wat bommelt? Baut alt net zevill Loftschlâsser. ('t klappt) Elo wêrdten se de Wein wuel brengen. Entrez!

7. Szén, Vireg, Finn.

Finn:Pardon, wann ech derange'eren. (Jeanne an Bertha of)

Ech war elo grad bei Knuewelekgre't, - 't ass awer onerhe'ert we' dät d'Grompere schiêlt. Fangerdeck Schiêle mecht et. - Ech kommen awer net bîs fir iéch dät ze verzielen, mä, ech wollt elo grad d'Wässer fir d'Makaronien opstellen an de Gas ufângen, de brennt awer net, d'Arbechter schaffen un der Leitong. Elo muss ech Feier an d'Kachmaschinna mâchen. Le'nt mir e Maufel Holz an e Grâppehe Kuelen, ech bringen iéch se den 1.eröm.

Zemes:O, wann et nômmen dät ass, do ka gehollef gin. (riff) Jeanne!!

Jeanne(hannert der Bühn):Wat geliff?

Zemes:Ge' mat Boutschefinn an de Keller e we'neg Holz a Kuelen sichen.

Jeanne:Elo nach an de Keller? - Ech hun elo keng Zeit!

Zemes:Virun, an net gemuckst! (Jeanne könnt, gét mat dem Finn of)

Finn(am Ofgoen):Wann ech nômmen we'sst fir wät Firkelskätt de' 6 Pur Wirschtecher kât huet. Ech kann dät émol net begreifen.

8. Szén, Zemes eleng

Zemes:Boutschefinn ass dach eng Sé! Hat ka schen't's dem Firkelskätt de' 6 Pur Wirschtecher net vergonnen. Eso' Leit we' d'Boutschefinn hätt é fre'her op d'Mösch geklâkt. Eso' eppes huet och nach Recht iwer de' äner Leit hirzefâlen. De 15. des Mo'nts huet hat sai; Geld ömmer scho verjupt, an da könnt et all Dâg eppes änescht le'hnen. (Mecht d'Finn no) Mme. Zemes könnt dir mir net det an dät le'hnen? Ech bringen iéch et den e'schten eram. Eso' gét et all Mo'nd. Sie spullt nômmen all 3. Dâg. ('t klappt) Entrez! ('t klappt fir 2.) Entrez!! 't Klappt fir d'3.) Dajé! Wät hêscht dann dät do? 't muss én sech jo richtig d'Longen eraus blâren! Entrez!!!

9. Szén, Zemes Phillipinn

Phillipinn(Könt mat Köschen, Koffer a Päck eran)

Zemes: Ä wién plönnert dann hei eran? O jerum, d'Phillipinne!!

Phillipin: Ah, Bonjour Melanie. We' gét et alt, nach ömmer gesond a monter?

Zemes: Oh, 't gét alt nach. A we' könnst du dann hei erageschneit?

Phillipine (sätzt alles nidder op den Dösch, op de Buedem.): Dát ass jo geroden. Ech hun ère Bre'f kritt datt ech komme sollt, an du sin ech gleich kom, an hei sin ech!

Zemes: Hues du e Bre'f kritt?

Phillipine: Ech hu gewöss eppes Ferbe't kritt!! Bei mir ass nach alles ganz!

Zemes: (fir sech) O jé, o jé! Dát huet mir nach grad gefehlt. Elo kann ech mir d'Longen eraus jeitzen. Jo, jo, d'Phillipine he'ert ömmer schlechter. 't mengt én sein Trommelfell wir gebascht.

Phillipine: Jo, Melanie, du hues recht, elo get gerascht, an dát dét gutt!

Zemes: Also, e Bre'f hues du kritt, wo' dra sto'ng du solls kommen? - Dát ass ké Bre'f fort datt ech wés.

Phillipine: Fösch oder Flésch, hei get alles giéss!

Zemes: Mä dát kann elo gutt gin. - Oh, 't ass mir och Wurscht!

Phillipine: Hues de Blutwurscht? - Dovun könnt ech och e Steck verdroen.

Zemes: Nén, awer Schöfske'sflued kanns de kre'en.

Phillipine: We' vill?

Zemes (hart): E Steck Schöfske'sflued kanns de kre'en!

Phillipine: Ah, e Steck Schöfske'sflued ass och net schlecht.

Zemes: We' ass et mat denge Bén?

Phillipine: Jo, jo, mir kre'en nach vill Rén.

Zemes: Bleiws de lung hei?

Phillipine: Bis et áner Wiéderget. De Mond ass um Wuessen...

Zemes: O Mamm o Mamm, ass dát e Gebabbels!

Phillipine: Wo' huet et gerabbelt?

Zemes: 't rabbelt an deng Hierschuel! (sätzt sech) 't ass fir gèckeg ze gin.

Phillipine: Ass et dir net gutt, Melanie?

Zemes: Oh, dach! - Do hu mir eis jo eng sche'n Zóss agebrecht.

10. Szén Vireg, Jeanne

Jeanne (Könnst eran): D'Boutschefinn gét mir op d'Nerven. - Tiens, d' Tatta Phillipine!

Phillipine: Oh, d'Jeanne! Da komm, da ges de mir eng Bés! (Kössén sech, d'Jeanne botzt sech de Mond of) Du bass awer e sche'nt Médche gin.

Jeanne: A wo' köns du dann eso' onerwart hir?

Phillipine: Secher, hues du op mech gewart?

Jeanne: A wát babbelt se do?

Zemes: Höllef er hirt Gepäck an d'Stuff droen, dass mir heibannen emol erem hell gesin. - Dajé Jeanne, ugepákt! Du geseis dach datt d' Tatta dorömmen léft we' e bre'egt Hung!

Phillipine: Do hues de Recht, Melanie. (of mam Jeanne)

Zemes: 't ass fir aus der Haut ze fuhren.

11. Szén Zemes, Boutschefinn

Finn (könnst o'ni ze klappen eran): Tiens, hut dir Besuch? Ass et d' Gro'ssmamm, d'Schwe'ermamm oder...

Zemes: Mir hun elo keng Zeit fir ze ratschen, kommt eng áner Ke'er erem.

Finn: Wo' könnt dir soen ech wöllt ratschen. Hun ech schon a mengem Liéwen geratscht? Dát göt et bei mir net. Ech sin fir eppes ánescht komm. Mme. Zemes, könnt dir mir net vleicht en Önn an eng Ze'w Knuewelek le'hen, ech brangen iéch se den l. erem.

Zemes: Bertha!

Bertha: Wat geleifft?

Zemes: Breng dem Boutschefinn eng Önn an eng Ze'w Knuewelek.

Bertha: Sie soll sech Önnen a Knuewelek káfe goen.

Zemes: Soll ech der Bén máchen!

Bertha: Net ne'deg, ech brengen et.

Phillipine (ass iwordém e purmol aus an an-gängen mat dem Jeanne)

Eso', nach de' Köscht hei, an da si mir eso' weit.

Jeanne: Wart Tatta, ech máchen iéch d'Dir óp. (Jeanne an Tatta of)

Finn: Ah, dát ass d' Tatta vun der Joffer Jeanne. Mä dát wir jo èr

Schwöster, Mme. Zemes. Et ass eso' eng artlech Madame, an sie gef fällt mir ech gutt. Blo's eppes gefällt mir net grad, sie babbelt net vill.

Zemes: Mengt der? (Bertha bringt de Knuewelek)

Finn: Villmols Merci, Mme. Zemes. Mä watt ech soe wollt, D'Firkelskätt dát ass mir emol ént - Huet dir schon eso' eppes he'eren. Dát

kéft 6 Pur Wirschtecher an dobei sin sie dach nömnen zu zwé.
Do geseit én. De' können sech 6 Pur Wirschtecher léschten.'t
mengt é bál de' Leit hätten d'Geld ze, friessen. An eisen...
Zemes (schnuppert mat der Nues, önnerebrecht): Ech mengen ech richen
eppes Finn...
Finn: Ech och, Mme. Zemes. D'Bertha werdt d'Iessen dach net ubrenne ge-
lósset, hun?
Zemes: 't werdt dach net! Mü dât elo richt jo ganz miserabel. Ech
gin dach emol kucken.
Finn: Herrjeminé! D'Möllech ass iwergelâf a menger Kichen! (of)
Zemes: Wât e Steck Miwel ass dât Boutschefinn! Wann ech sei Mann
wir, ech ge'ng him emol Zucht an Ordnong beibringen. - An elo
mâche mir d'Affaire mat der Phillipine an d'Reih. (riff)
Jeanne! - Bertha! - 't könnt dach léschten Enns stömmen datt
d'Phillipine e Bre'f kritt huet.

12. Szén, Zemes, Bertha, Jeanne

Jeanne: Hei sin ech! (am Erakommen)
Bertha: Ah, du bass eleng, ech hu gemént d'Boutschefinn ge'f erem
gér eppes le'hnen.
Zemes: D'Geschicht vun der Tatta hirem Bre'f könnt mir ganz ver-
dächtig vir.
Jeanne: Watfir e Bre'f?
Bertha: E Bre'f? Watfir e Bre'f?
Zemes: Stellt iéich dach net eso' domm. D'Tatta Phillipine huet gesôt:
we' ech ère Bre'f krüt, hun ech mech én Zock op de Wé gmâcht.
Bertha: Ass d'Tatta dann hei?
Zemes: Mâ gewöss, mei Kand. Sie installe'ert sech elo grad do'wer an
der Stuff. Um Enn behâle mir se nach wöchelang om' Pelz. Wât mus
dât en Theater gin. Sie he'ert neischt a verstét alles ver-
ke'ert.
Bertha: 't huet nach gefélt, datt de' grad haut komme muss. Wann én
emol mengt e pur sche'ner Dég ze verliéwen ... awer en Drèck.
Jeanne: Du hues ji virgöschter e Bre'f geschriwen an du hues bestö-
eng gro'ss Dommhét begângen.
Zemes: 't könnt mir och eso' vir. Du hâs jo èr Freieren fir haut
agelueden, an der Tatta Phillipine hues du ôfgeschriwen, an
bei hues du bestömmt d'Enveloppe verwiésselt.
Jeanne: Natirlech, dât kann nömnen dir passe'eren.
Zemes: Ro'heg ewell!
Bertha: Du frecht Gesicht, eng âner Ke'er schreiws du d'Bre'f, da
passp'ert eso' eppes net me'. (Lâcht) Zo' allem Ongleck muss
och nach lâchen. Ech hun eso' eng Ahnong we' wann d'Tatta
Euphrosine haut och nach ke'm. Mâ dann get et awer en Theater.
Eng Tatta de' tudelt, ang eng âner de' net he'ert.
Zemes: Mâ, do ass dach neischt ze lâchen, wann de' zwo' zesummegerode.
Well d'Euphrosine an d'Phillipine verdroen sech we' Hond a
Kätz. D'Phillipine vermecht dem Jeanne alles wa mir keng Famill
mam Euphrosine hâlen. An d' Euphrosine vermecht dem Bertha
alles wa mir neischt me' vum Phillipine wösse wöllen. Wann de'
zwé zesummesto'ssen dât kann eppes gân.
Bertha: Oh, ech Onglecksrull, ech muss awer och alles verke'ert
mâchen. (Kreischt hart, ôf)
Jeanne: Elo fänkt dât och nach un ze pinschen. 't hätt sollen vir-
drun pinschen. (Of)

13. Szén Zemes, Phillipine

Zemes: Hun ech net genug mat der dâwer Phillipine, müssen de' zwé
sech och nach verkâtzen. Wann nömnen d'Euphrosine an d'
Phillipine hét hei zesummesto'ssen!, ... soss rabbelt et an
der Bro'tgâss. - (iwerdém könnt d'Phillipine eran, sôtzt sech
huet eng Streck) - An de Weis ass nach net do.
Phillipine: Hoffentlech ass et hell genug datt ech strecke kann, well
"Missiggang ist aller Laster Anfang."
Zemes: Mâ secher!
Phillipine: An de Schôfske'sflued hun ech nach net giéss.
Zemes: Wât fir e Flued?
Phillipine: Mâ de Schôfske'ssflued, dés de mir versprach hues.
Zemes: Mir iessen elo gleich zu Môttag.
Phillipine: A wât mecht d'Euphrosine?
Zemes: Wât wés ech. Dât kömmert mech net. Du wés datt mir eis net mat
hir ôfgin.
Phillipine: C'est ça, c'est ça, dât ass sche'n vun iéich! (Zemes ôf)

14. Szén Phillipine, Finn

Finn (köntt eran o'ni ze klappen) Tiens, d' Madame Cemes ass net do?
Pardon Madame, kënnt der vleicht soen wo' d' Madame ass.
Phillipine: (we' wann se d' Finn net gesin hätt) Mat der Euprosine,
mat dér Tudeleg, käre sech ofgin wién wöllt, ech net!
Finn: Wat sét se dô? Madame wann ech dérange'eren.....
Phillipine: Zönter datt et mech dâwen Iéssel vernannt huét, kann ech
et iwerhâpt net me' verbotzen.
Finn: Ma de' wêrdt dach net geckeg sin? Oder soll sie net gud he'-
eren. (gét bis widder se) Bonjour Madame!
Phillipine: Ah 't ass ömmes dô?
Finn: Sid dir eleng heibannen?
Phillipine: (be's) Wât, ech spannen? Ech mengen dir spannt, dir frech
Perso'n de' dir sid. Mâcht iéech eraus elsi. (stét op, a gétt op
an of) A wann dir net gleich git, dann huélen ech iéech mat
érem chignon.
Finn: Dât deng mir awer och we', well ech hun e falsche Chignon. (of)
Phillipine: Ah dir sid nach net dobausse, do soll dach en Donner-
wiérder dräschloen. Ech wöll iéech emol weisen wién spönt a we'
é spönt.

15. Szén. Phillipine, Zemes.

Zemes: (könt vu riéchts) Herjé namôl! Wât ass da passe'ert? Hues
du elo grad eso' gebröllt?
Phillipine: (sötzt sech) Oh, ech kann net me'. Denk der emol, kent der
net grad jo' elo eso' eng eran, a sét mir grad eweg an d' Gé-
sicht, ech ge'f spannen. Hues schon emol eso' eng Frechhét
he'eren? - - Oh ech hu mech awer ze vill opgerégt. Mein arme
Kapp! Ech menge grad mei Kapp wir e Loftballon. Ech kre'én
ömmen me' Gas dran, e get ömmen me' deck a me' gro'ss, op émol
platzt en nach. Oh wât ge'f dât gin? Ech muss gleich eng Pell
huélen ge'nt Kappwe'. Ech hâlen et net me' aus, oh mein arme
Loftballon. (lenks of).

16. Szén. Zemes an Euprosine.

Zemes: 't huét se dach net me' all. Elo ass et nach keng Stonn hei
a schon huét et Krach mat de Leit aus dem Haus. An dobei
wöllt och nach sei Loftballon we' hun. Huét é schon jé eso'
eppes he'eren. ('t klappt) Entrez! (Euprosine kent mat aller-
hand Gepäck) Oh jé, do ass dât ânert och, ech kre'en e Schlag.
Euprosine: Gu-gugu-guden Owend, Me-Me-Me-Melanie. (stellt d' Gepäck
op den Dösch an op de Buedem)
Zemes: (fir sech) Wann dât geckegt Phillipine elo eraus könt, da
geng ech ganz bestömt schwach fâlen, (hart) Bonjour Euprosine,
we' gétt et der dann?
Euprosine: Oh g-g-g-ganz gud, ga-ga-ganz gud. A-a-a-an dir dann?
Zemes: (fir sech) Oh we' dat Getudels mir op d' Nerven gétt, haut den
Owend sin ech do'd.
Euprosine: E-e-e-ech hun e Bre'f krit a-a-an
Zemes: (fir sech) Do hu mer et jo. Ech hu mer jo gleich geduecht
datt hat och e Bre'f krut. (hart). A we's du dé Bre'f krit hues,
hues du dech gleich op d' Bén gemacht.
Euprosine: Jo a-a-an
Zemes: Du le'wen âlen Dâg, ech brauch net ze sôn, Gott strôf mech.
Euprosine: W-w-w-wat hues de dann M-M-M-Melanie? A-a-a-ass et der
net gud? W-w-w-wart ech gin der an d' Kichen e Glas W-w-W-Wasser
sichen.
Zemes: (sprengt op) Loss sin, 't ass mer rem gud. (fir sech) Oh jéminé
wann et elo grad komm wir we' d' Phillipine hei so'tz.
Euprosine: A-a-a-an elo w-w-well ech mei Gepäck do-do-doriwer an
Stuf dron.
Zemes: Wat wölls de dann doiwer, komm hei an des Stuff. An iwerhapt,
lauschter emol, wölls du lang heibleiwen?
Euprosine: E-e-e-ech wollt' ufangs gur net kommen, w-w-well ech ge-
duecht hun d-d-dir wierd nach gud mat der Ph-Ph-Ph-Phillipine.
Zemes: We' kanns de eso' eppes denken. (fir sech) Wann et d' Wo'recht
we'sst. (hart) Dajé tommel dech, ge' an deng Stuff.
Euprosine: Ma-ma-ma-ma ech hu mer geduecht w-w-wat hun de' eng Ar-
bech m-m-m-mat der Ph-Ph-Phillipine. W-w-w-wann dât eso' ass,
d-d-d-da bleiwen ech 4 Wochen. (riéchts of)
Zemes: Em Gottes Wöllen. Dât huét nach gefélt. Wat fânken ech nômmen
un fir de' zwé eraus ze kre'en. Dat get bestömt eng Katastroph.
(dreschent sech de Schwés of) Ech schesse schon. Haut gétt be-
stömt nach d' Welt önnen.

17. Szén. Zemes, Bertha, Jeanne.

Bertha: (vu lenks) Mamm komm emol se'er erof, de Weinhändler ass do.

Jeanne: Mä Mamm he'ers de dann net, ech ruffe schon eng ganz Zeit.

De Mann mam Wein ass do, tommel dech, en ass presse'ert.

Zemes: Dajé da kommt, d'Fass muss gleich opgeschloe gin. (allen drei of)
(eng kleng Paus)

18. Szén. Phillipine, Euphrosine, Finn.

d'Phillipine kent no enger klenger Paus vu rechts an d'Euphrosine vu lenks. Sie gin hannerecks bis an d'Mött vun der Bühn, dre'en sech em a glotzen sech gegenseitig un)

Phillipine: Ah!

Euphrosine: Oh! (sie kucken sech vun uewen bis enen a sötzen sech dat'ent rechts, dat anert lenks)

Finn: (kent o'ni ze klappen eran a bleiwt an der Dir stön) Wät ass dann hei lass?

Euphrosine: D-d-d-du erlabs der nach m-m-m-mech ze froen w-w-wat hei lass ass.

Finn: Ech mengen de' hun se.

Euphrosine: An d-d-d-du hues s-s-se och!

Phillipine: Wat sés du vu mir, wat hues du dann?

Euphrosine: W-w-w-wat ech hun, w-w-w-wann ech dech gesin d-d-dann hun ech es genug.

Phillipine: Greif der emol ün d'Stir ops de nach do bass.

Euphrosine: D-d-d-dat hun ech g-g-g-gur net no'twendeg.

Finn: De' käckes jo we' en Hung.

Euphrosine: (stét óp) Sés de n-n-n-nach eng Ke'er Hu-Hu-Hu-Hung, d-d-da kris de eng s-s-s-säfteg geschlaff.

Phillipine: Wät, âl Schlapp nenns du mech. Du has mech emol dâft Mierhong vernannt, a wanns du dât elo repete'ers, da werfen ech dech ve'erkanteg zur Stuff elei eraus, verstés de mech.

Finn: Ech mengen et ass dat Bescht ech machen mech dénen zwé aus den Aen. (of)

Phillipine: Hae wölls du mech. Dann ha emol wanns du eso' keng bass. Wés de Euphrosine, domm därfs de sin awer net frech.

Euphrosine: E-e-e-ech hu gr-grad eso' vill R-R-Recht hei we's du.

Phillipine: Ech sin och net aus Karton, verhâl dât gud. An iwerhapt ech packen méi Krämpel zesammen a fuhren erem hém. (Zemes, Jeanne Berthe kommen) Mengentwegen kanns du dech eso'gur vum Melanie asalze lössen, datts de dech lung hälls. (lenks of)

19. Szén. Vireg, Zemes, Jeanne, Berthe an Phillipine.

Zemes: Do, elo hun se sech schon. Dre't én nömnen de Bockel dann ass der Deiwel lass. Wat ass da passe'ert Euphrosine?

Euphrosine: Lo-l-l-loss mech mat Ro'h, ech huele meng Sâchen a gin erem fort. E-e-e-ech hun es genug v-v-vun hei.

Jeanne: Mä Tata, setz dech emol e we'neg. Ech zielen dir we' dat ganz Godéssems komm ass. Mir hätten eis zwe' Freieren agelueden, an dir an der Tata Phillipine hätte mir geschriwen, dir sollt ere'scht me' spe't kommen. Nun huet d'Bertha beim Fortschecken d'enveloppen verwiesselt.

Euphrosine: Ah eso'!

Bertha: Jo, an elo lauschter mir emol e we'neg no, Tata Euphrosine. Wés de 't ass gur net scheqn vun iéch zwé, datt dir iéch net riche kent.

Jeanne: Dât scheckt sech ganz a gur net fir zwo' eso' brav trei Se'len we' dir et sid. Ausserdém scheckt et sech net fir chröschtlech Leit. We' sche'n könnte mir all matenén liéwen, wann dén Hâss net töschent iéch wier, awer wann dir emol stierwt da wêrdt dir bereien iéch net am Liéwen ausgesönt ze hun.

Euphrosine: B-B-B-Bertha, le'ft Ka-Ka-Ka-Kand, du h-h-hues ga-ga-ganz recht. E-e-e-ech wöll mech erem verdroen m-m-m-mat der Ph-Ph-Ph-Phillipine.

Phillipine: (kent vu lenks) Dajé aeddi allegur, halt iéch monter. A mech huet der gesin. (kreischt)

Euphrosine: H-h-h-h-he'er emol du a-a-alen Ié-Ié-Ié-Iésel, m-m-mer musse jo da-da-dach bal ofkratzen.

Phillipine: Soll ech platzen? Ech hun dat net re'deg. Platz du wann et der Pläse'er mecht.

Jeanne: Wart Matant. Eso' komme mir op ké grengen Zweig. Ech schreiwen er elo alles op en Ziedel an da kann sie et liesen.

Zemes: Phillipine bleiv hei.

Phillipine: Wät, heibleiwen? Wo' d'Euphrosine ass, do kann ech net sin.

Mat Leit de'mech "däv Mierhong" vernenne wöll ech neischt ze dongen hun. also adieu fir Qmmer! A wann dir emol neischt me' vun Euphrosine wösse wöllt, du vermächen ech dem Jeanne mei ganz Verme'gen.

Jeanne(dät eppes op en Ziedel geschriwen huet):Hei,liés emoã,
Tatta Phillipine.

Zemes:Ech sin dät o'wegt Gestöppels eso' sät,we' d'Kätz der kâler Iétæen. Am beschte wir et 't ge'v en sech mat kengen vun iéch allen zwé me' ôf, dann hätte mir Ro'h!

Phillipine(huet den Ziedel gelésst):Mä, de' dâ ass gutt! Dir huet d'Bre'f verwiésselt. An et frét mech datt èr Freieren mâr kommen.'t dët mir wirklech léd datt ech haut an hirer Plätz komm sin. A wâts du do schreiw:als Chrösch misst ech mech erem mat dem Euphrosine,dem âle Kame'l,verse'hnen,t'ja! dät ass eso' eng Sâch;de' muss gründlech iwêrluegt gin.- A vir allem,wöllt dät Framönsch sech dann och mat mir verdroen?

Euphrosine(jeitzt hir an d'O'er):J-j-j-jo, d-d-d-dät wöll ech. W-w-w-wans du dech n-n-n-net wölls mat mir v-v-verdroen,d-da ge'h!A-a-a-awer dät soen ech dir, e-e-e-ech bleiwen hei.a-a-an ech verm-m-m-mâchen dem B-b-b-bertha alles. D-d-d-du kans jô elo m-m-m-machen we's de w-w-wölls.

Phillipine:Ah,'t ass em de' Zeit.Mengs du ech de't mech lompe lösen. Elo bleiwen ech express och, an ech vermächen dem Jeanne alles.

Jeanne:Merci,le'v Tatta!(Jeanne u Bertha fe'eren de' 2 zesammen an de Mött vun der Bühn,de' gin sech d'Hand an emârbelen sech)

Phillipine:Da löst mer eis alt erem verdroen.

Euphrosine:J-j-j-jo,'t ass dät b-b-b-bêschit eso'!(Jiddereng sötzt mat hirer Lieblengsniece zesammen.)

Zemes:Ja,kuck,eso' hun ech och geduecht.Elo ass erem Fridden an eiser Familgen.

Phillipine:Eis 2 Kanner,mat hire Freiere solle liéwen!

Euphrosine:J-j-jo v-i-vi-vive!(fällt mam Bertha vun Stullg'erôf)

Boutschefinn(ganz schwartz am Gesicht):Ei,ei,ei, de' Ke'er sin ech awer mausdo't!D'O'wepeif ass mir op de Kapp gefall,an de Ro'scht mer an d'Gesicht. Sât Mme.Zemes,könnst dir mir net e Steck Séf le'hnen,datt ech mech wäsche kann.Ech brengen iéch et den l. erem. (Zum Publikum):Wann ech nômmen we'sst fir wât Fikkelskätt sech de' 6 Pur Wirschtecher kâft huet.Sie sin dach nômmen zo'2 am Stôt. Wann dir et net wösst, da gin ech et mei Liéwen net gewur.

Vorhang

8.8.53

III

Preis v.enger Roll= 7 frs

6 Rollen mat émol Opfe'erongsrecht= 70.00 frs.

Ofschreiwên a Weiderverle'hnen ass verbueden!!!